LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 12:47, 12/11/2020

Luxembourg, le 12 novembre 2020

**Réf. :** 831x15537

**Concerne**: Question parlementaire urgente n° 3130 du 11 novembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen et de Monsieur le Député Claude Wiseler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n° 3130 du 11 novembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen et de Monsieur le Député Claude Wiseler concernant le "Vaccin contre la Covid-19".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Pour la Ministre de la Santé,**

**Laurent JOMÉ**
**Premier Conseiller de Gouvernement**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 3130 du 11 novembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen et de Monsieur le Député Claude Wiseler concernant le "Vaccin contre la Covid-19".**

*Wéini wäerten déi annoncéiert 420.000 Dosen zu Lëtzebuerg disponibel sinn?*

Et ass zu dësem Zäitpunkt ze fréi, fir sech definitiv zu engem Datum ze prononcéieren. Nodeems d'Commissioun länger Zäit behaapt huet, déi éischt Dosen giffen virun Enn vun dësem Joer geliwwert ginn, mécht si haut d'Ausso, dass déi éischt Liwwerungen eréischt am éischten Trimester 2021 zu Lëtzebuerg ukomme wäerten.

*Plangt d'Regierung fir sech, iwwert d'EU-Piste eraus, weider Dosen ze sécheren an ze bestellen?*

D'Regierung plangt keng Eegeninitiativ iwwert déi Verhandlungen eraus, déi d'Commissioun am Numm vun allen États-membres mat den Hiersteller féiert.

*Kann d'Regierung eis matdeelen, no wéi engem Konzept den Impfstoff zu Lëtzebuerg verdeelt soll ginn?*

D'Verdeelungsmodalitéite vum Impfstoff gi momentan vun engem Aarbechtsgrupp vun der Cellule de crise ausgeschafft.

*Wéi eng Leit solle prioritär vum Impfstoff profitéieren? Wat sinn d'Krittäre wat dës Prioriséierung ugeet? Wien definéiert, respektiv huet des Krittären definéiert? Wat ass déi wëssenschaftlech Basis heivunner?*

Eng Propose fir d'Prioriséierung wäert dem Regierungsrot virgeluecht ginn. Des Priosiéierung soll der Evolutioun vun der Epidemie zu Lëtzebuerg Rechnung droen a wäert sech un internationale Recommandatiounen zu dësem Thema, notamment vun der OMS, dem ECDC an der Commissioun, inspiréieren. An all dëse Recommandatioune ginn déi Vulnérabel an d'Leit aus dem Gesondheets- a Fleegeberuffer als prioritär ausgewisen.

*Soll de Vaccin d'Leit eppes kaschten? Wa jo, wéi vill?*

D'Fro vum Finanzement wäert dem Regierungsrot ënnerbreet ginn.

*Huet d'Ethikkommissioun sech scho mat der Impfstoff-Strategie ausernee gesat? Wa jo, kann d'Regierung eis doriwwer méi Informatioune ginn?*

Et ass der Regierung nett bekannt, ob d'Ethikskommissioun sech schonn mat desem Dossier befaasst huet.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

*Bei wéi engem Prozentsaz vun Impfung kann een zur Normalitéit zeréckkommen?*

Idealerweis, wënscht ee sech, dass een op ee Prozentsaz kënnt wéi bäi enger natierlecher "Herdimmunitéit", dat heescht op mannst 60-70% vun der Bevëlkerung. An deem Fall, kann de Virus net méi an der Bevëlkerung zirkuléieren well d'Chance ganz geréng sinn, dass hien nach eng fir d'Infektioun susceptibel Persoun fënnt. Mee och schonns manner héich Prozentsätz wäerten ee positiven Effekt hunn, well si d'Zirkulatioun vum Virus an domat d'Neiinfektioune reduzéieren.